Instanzewee – 18.10.2018

Um Radio héiert een dacks Sätz wéi „D'Gesetz ass op den Instanzewee bruecht ginn." Et ass also op ee Wee bruecht ginn, souvill ass kloer.

Mee wat ass dann eigentlech den Instanzewee? A wat geschitt do?

Dat Wuert Instanzewee bedeit am Prinzip näischt aneres, wéi dass eng Prozedur Schrëtt fir Schrëtt sou ofleeft, wéi dat virgesinn ass.

An der Justiz beschreift den Instanzewee d'Notze vum Recht fir eng Entscheedung duerch ee méi héicht Geriicht (eng méi héich Instanz eben) préiwen ze loossen.

Och beim Prozess vun engem Gesetz, gëtt et een Instanzewee, dee muss agehale ginn. Ënnerschiddlech Gruppen a Leit mussen d'Propose liesen, préiwen an Ännerunge virschloen oder afuerderen.

Bei dësem Instanzewee ënnerscheet een zu Lëtzebuerg tëschent engem Gesetzesprojet an enger Gesetzespropose.

Ee Gesetzesprojet gëtt vun dem verantwortleche Ministère ausgeschafft, vum Regierungsrot kontrolléiert an dann un de Staatsrot, souwéi un d'Chamber weidergeleet.

Eng Gesetzespropose gëtt vun Deputéierten abruecht. Dësen Text, muss dann an der jeeweileg verantwortlecher Chamberkommissioun kontrolléiert a beaarbecht ginn.

Da geet et weider an de Staatsrot. Hei gëtt iwwerpréift, ob den Text net géint déi aner Gesetzer verstéisst.

Och déi verschidde Beruffskummeren, wéi zum Beispill d'Chambre des salariés, ginn ëm hier Meenung gefrot, wann ee Gesetz déi Leit betrëfft, déi si vertrieden. Spéitstens nodeems de Staatsrot en Avis ginn huet, gëtt an der Chamber vun der verantwortlecher Kommissioun d'Gesetz nach eemol presentéiert, diskutéiert an Upassunge virgeschloen. Zum Schluss stëmmen d'Deputéiert iwwert den Text. Fir dass den Text ugeholl gëtt, muss d'Majoritéit dofir stëmmen.

D'Gesetz trëtt awer eréischt a Kraaft, wann et vum Grand-Duc verkënnegt gouf.